ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Ëmmer erëm ginn et Kollisiounen tëscht Autoen a Stroossebeem. Am Kader vun enger Rei där Accidenter mat déidleche Folgen a schwéier Blesséierten hat den ADR-Deputéierte Gast Gibéryen am Joer 2010 eng parlamentaresch Fro gestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Stroossebeem goufen zënter 2009 ewechgeholl a wéi vill neier goufe geplanzt?
2. Wat fir Distanzen zum Stroosserand goufe bei deenen neie Plantatiounen agehalen? Woumat gëtt déi Distanz als „grouss genuch" begrënnt?
3. Wéi vill Accidenter mat Doudege respektiv mat Blesséierte gouf et zënter 2009 als Folleg vun enger Kollisioun tëscht Auto oder Motorrad a Stroossebam?
4. Obwuel d'Beem net d'Ursaach vun den Accidenter sinn an och déi scho geplanzte Beem laanscht d'Strooss net sollen ewechgeholl ginn, stellt sech awer d'Fro, ob an Zukunft net sollen Hecken amplaz Beem do geplanzt ginn, wou keng Méiglechkeet ass fir Leitplanken ze installéieren. Wat ass dem Här Minister seng Usiicht dozou?
5. Et besteet och d'Méiglechkeet, fir Leitplanke virun de Beem ze installéieren. Wier de Minister bereet, iwwerall wou scho Beem laanscht d'Strooss stinn, Leitplanke virdrun ze installéieren, wann d'Plaz et erlaabt? Wann nee, firwat?
6. Wat fir zousätzlech Moossname proposéiert den Här Minister fir esou Kollisioune mat Stroossebeem ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique